# ChaosMeeting 2022/10

| | |
|---|---|
| **Date** | 21/11/2022 |
| **Time** | 20:00 |
| **Location** | ChaosStuff |
| **Location Opening** | 16:56 |
| **Administrative Council Attendees:** | metalgamer, virii, xbr |
| **Minutes Recording** | metalgamer |

## Agenda

- Reel2Bits - peter
- Mastodon Server – peter
- PM Fediverse – peter
- LuxChat – peter
- E-Euro – peter
- Freifunk Server – metalgamer & fantawams
- Drinks – metalgamer
- Zukunft vun Meetings am Space – metalgamer
- RIPE: Quantum Internet Hackathon 2022 – xbr

## Minutes

### Reel2bits

- https://reel2bits.org/
- Et oppe maachen fir aaner Veräiner oder opmannst Memberen esou dann och e puer Podcasten offeréierbar

Mir wäerten sëlwer keng Instanz hosten, well mir net den Sënn doranner gesinn, fir eisen eegenen (onregelméissegen) Podcast. Mee wann et eng lëtzebuergesch Instanz gëtt, kënnen mir eisen Podcast och doranner setzen.

### Mastodon Server

- C3L eegen Mastodon/Pleroma/Friendca/…, aka Activitypub, Instanz (haaptsächlech fir c3l Projeten an official business aka "verified" Kontaktméiglechkeet iwwer Activitypub) - peter
  - D'Iddi ass datt all Member wou well säi Projet promoten oder mat engem Bot Statusse wëll reegelméisseg uweisen eng sécher Instanz huet wou en dëst ka maachen ouni mussen sech un eng aner Instanz ze bannen déi dëst villäicht net erlaabt

Jo, den metalgamer wäert an den nächsten Wochen dat opsetzen.

## PM Fediverse

- Eng PM iwwer Fediverse an d'Zukunft vu Soziale-Netzwierker - peter

Mir brauchen nach ee bëssen Zäit an Informatiounen, éier mir doriwwer eng PM maachen.

## Luxchat

- Code MUSS oppe sinn
- Erënnerung u WeChat aus China
- Seng potentiell Kombinatioun mat enger e-Wallet app dei net no akzeptéierte Standarden gemaach gëtt
  - Statt fräie Choix vu Software dem Bierger eng opzwéngen
  - Den e-Euro deen laut der EZB net soll ze retracéieren sinn kéint esou awer ze retracéiere sinn an esou seng Funktioun als Boergeld net nokommen
- Zentraliséiert Systemer sinn eng einfach Ugrëffsplaz fir Cracker
- PM iwwert d'Software an d'Problematiken
  - D'Digitaliséierung sollt Oppen a Fräi sinn ouni opzwéngen vun, a sech ofhängeg maachen un Entreprisen
  - Wou gëtt des App produzéiert?
  - Wéi gëtt se Administréiert?
  - Uploadfilter, Tracking?
    - Ech hunn dat Gefill datt et sech do em Meenungskontroll handelt
  - Wat gëtt als "Free Speech" zu Lëtzebuerg verstanen?
    - Dobäi och eng eegen Interpretatioun
  - De fräien an dezentrale Web ass a Gefor wa no den Entreprisen, déi schonn alles futti gemaach hunn, d'Regierungen d'Kontroll iwwerhuelen
  - Enger interner Chatsoftware fir Beamten wier vum Prinzip hier näischt aus ze setzen dermat vermidde ka ginn datt delikat Informatiounen un d'Ausland geschéckt géifen
  - Kritik datt d'Regierung fir Schoulen nach ëmmer ob Teams an aner Microsoft Software setzt an do keng eegen Applikatiounen offréiert
    - A Fro stellen ob dat net deels e But wier vum LuxChat

Hei wëlle mir net ze fréi mat Kanounen op Spatzen schéissen. Mir mussen do nach oofwaarden an Informatiounen sammelen. Méi kann een am Private Beräich fannen.

## E-Euro

- Den C3L sollt sech mam e-Euro ausenanersetzen → https://www.ecb.europa.eu/paym/digital_euro/html/index.en.html - peter

Fir déi déi interesséiert sinn, sollen sech eraliesen, an per Mailinglëscht sech mam peter a Kontakt setzen.

### Freifunk Server

Den orimpe huet nach een PC doheem stoen, deen en dofir kéint benotzen. Et gëtt eng nei SSD agebaut, déi de Club bezillt.

Wat den Server fir am Space ubelaangt, musse mir eis nach besser ëmkucken, eier mir Suen ausginn.

### Drinks

Mir kucken, Club Mate Cola iergendzwei aaneschtes online opzedreiwen, a wann net, musse mir eben nees perséinlech op Tréier fueren.

Et ass décidéiert ginn, net méi Paletten ze bestellen, fir och maaner eidel Kajoen an Space stoen ze hunn.

### Zukunft vun Meetings am Space

Den metalgamer fënnt et schued, dass een oft alléng Méindes ass.

Mir hunn festgehallen, dass eemol de Mount ee Meeting ass, wou Memberen sëch am Virfeld am bëschten sollen ofmëllen, wann se net kënnen. Weiderhinn, sollen am offiziellen Kalenner, just nach dës Mettings drastoen an MeetUps net méi.

### RIPE: Quantum Internet Hackathon 2022

```
* Place: Amsterdam, Dublin, Padua, Poznan, Sarajevo - and online
* Date: Dec 1 & 2 2022, 9am - 5pm (UTC+1)
*
https://labs.ripe.net/author/karla-white/take-part-in-the-quantum-internet-hackathon-2022/
*
https://www.ripe.net/participate/forms/apply/quantum-internet-hackathon-2022/
```

Gëet un ML.

From:
https://wiki.c3l.lu/ - **Chaos Computer Club Lëtzebuerg**

Permanent link:
**https://wiki.c3l.lu/doku.php?id=lb:organization:chaosmeetings:2022:cm-2022-10**

Last update: **2022/12/19 18:40**